N°7723
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur, Ëffentlech Aarbechten & Finanzen weiderzeleeden.**

Ufanks Mäerz huet d'Online-Plattform reporter.lu iwwert Mëssstänn bei dem mat mindestens 21 Milliounen Euro subventionéierte Science Center geschriwwen. Dës Mëssstänn goufe vun direkt e puer Quellen ervirbruecht an och un eis si Persounen erugetrueden déi, zumindest Deeler, aus dëse Revelatioune confirméiert hunn. Rieds geet vu Verstéiss géint d'Néierloossungsrecht, opaque Finanzstrukturen déi un d'Konstrukt vun der Superdreckskëscht erënneren an e Gérant, dee Suen hin an hir réckelt, wéi et e grad arrangéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt Associatiounen, déi iwwert 50% vun hire Recette vum Staat kréien, sech och missten un d'Gesetzer vun de marchés publics halen? Sachant, datt d'Gesetz vum 8. Abrëll 2018 en « organisme de droit public » definéiert als :

   *« tout organisme présentant toutes les caractéristiques suivantes :*
   *i. il a été créé pour satisfaire spécifiquement des besoins d'intérêt général ayant un caractère autre qu'industriel ou commercial ;*
   *ii. il est doté de la personnalité juridique ; et*
   *iii. soit il est financé majoritairement par l'État, les communes ou par d'autres organismes de droit public, soit sa gestion est soumise à un contrôle de ces autorités ou organismes, soit son organe d'administration, de direction ou de surveillance est composé de membres dont plus de la moitié sont désignés par l'État, les communes ou d'autres organismes de droit public.»*

2. Wien ass responsabel fir d'Kontroll vu Verstéiss géint d'Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwert d'Marchés publics? Wat sinn d'Konsequenze fir ee Veräi wéi de Science Center, wann dësen d'Dispositiounen net respektéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vun der Finanzministesch a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 7723 vum 7. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

**Ad 1)**

An dëser Fro gëtt de Punkt d) vum Artikel 2 vum Gesetz vun de Marchés publics vum 8. Abrëll 2018 zitéiert, deen definéiert, ënnert wat fir enge Konditiounen en Organissem als Organisme de droit public gëllt, deen d'Marchés-publics-Gesetz muss applizéieren. Déi dräi Konditioune mussen kumulativ erfëllt ginn. Et geet also net duer, fir zum Beispill just ze analyséieren, ob den Organissem méi ewéi zu 50 % vum Staat finanzéiert gëtt.

De Luxembourg Science Center ass en Organisme de droit privé a fält domadder net ënnert d'Bestëmmunge vum Artikel 2.

**Ad 2)**

De Minister fir ëffentlech Aarbechten ass kompetent fir d'Legislatioun vun de Marchés publics, mee huet keng Kompetenz fir d'Kontroll vu Verstéiss géint d'Gesetz vum 8. Abrëll 2018. D'Soumissiounskommissioun, déi beim Ministère fir ëffentlech Aarbechten instituéiert ass, ass och bis elo net mat engem Dossier betreffend de Science Center befaasst ginn.

Prinzipiell ka jiddereen, deen sech geschiedegt fillt a mengt, d'Marchés-publics-Gesetz hätt missen applizéiert ginn, respektiv wier falsch applizéiert ginn, viru Geriicht kloen.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch